



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/06/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

All Joer schreiwen d'Primärschoulschüler um Enn vum Cycle 4.2 d'Epreuvë vum PFS (Passage de l'enseignement fondamental à l'enseignement secondaire). D'Resultater vun dësen Epreuvë fléisse mat an d'Entscheidung an, a wéi een Enseignement Secondaire e Kand vum Léierpersonal an den Elteren orientéiert soll ginn. Wann d'Elteren an d'Léierpersonal sech net eens gi bei dëser Entscheidung, kann eng Orientéierungskommissioun aberuff ginn, déi dann eng Entscheidung trefft.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wei oft ass an de leschte 5 Joer esou eng Commissioun aberuff gi pro Schouljoer?
2. Wei oft pro Joer gouf an de leschte 5 Joer vun der Orientéierungskommissioun eng Entscheidung getraff, déi der Meenung vum Léierpersonal entsprach huet a wéi oft där vun den Elteren?
3. Gëtt no de Sëtzunge vun der Orientéierungskommissioun e Suivi gemaach, fir ze kucken, op déi concernéiert Kanner no der Orientéierung an de Lycée d'Filière nach wiesselen, well se entweder besonnesch gutt Notten oder awer Schwieregkeeten hunn?

Falls jo: Wéi vill Kanner fir déi eng Orientéierungskommissioun aberuff gi war, hunn an de leschte 5 Joer pro Joer hier Filière am Lycée nach gewiesselt (z.B. vum Enseignement secondaire général op den Enseignement secondaire Classique oder ëmgedréint)?

Falls nee: Gedenkt de Minister an Zukunft dës Suivi ze maachen, fir den Outil vun der Orientéierungskommissioun besser evaluéieren ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

---



CLEMENT Sven

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)